cgfp
Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu

BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

Lëtzebuerg, de 6ten Dezember 2018.

sne - infomail

D'Programmkommissiounen am Enseignement fondamental ...

... e verlängerten Aarm vun den Direktiounen ?!

Duerch d'Gesetz vum 13. Mäerz 2018 iwwert den «Dévelopement curriculaire de l'Éducation nationale» goufen **och an der Grondschoul national Programmkommissiounen (CNEF)** fir folgend «Domaines de développement et d'apprentissage» agefouert :

- D'Alphabetisatioun, den«Éveil» an d'«Ouverture aux langues» a Sproochen (Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch);
- d'Mathematik ;
- d'Wëssenschaften am wäitste Sënn ;
- de Sport an d'Psychomotorik ;
- d'Konscht an d'Musek ;
- d'«Vie et société»
- den 1. Zyklus aus der Grondschoul.

Déi **7 national Kommissiounen** hunn **als Missioun, den Erzéiungsminister** bei all de Froen, déi déi uewen opgezielten Domainë betreffen, **ze beroden.**

Dës Weidere solle si **Avisen ofliwweren oder Propositioune maachen** zu folgende Sujeten :

- « Plan d'études » vun der Grondschoul;
- pädagogesch Methoden;
- didaktescht Material;
- Prinzipien a Modalitéite vun der Bewäertung;
- « Épreuves communes »;
- extern Evaluatiounen;
- Besoinen an der « Formation continue ».

Déi national Kommissioune vum Enseignement fondamental **setze sech aus Enseignanten aus der Grondschoul a vum SCRIPT an aus Regionaldirekteren oder Sousdirekteren aus dem «Enseignement fondamental» zesummen**. Fir jiddereng vun dëse Kommissiounen designéiert den Educatiouns-minister jeeweils e President.

Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass d'Presidence vun der Kommissioun an d'Direktioun vun enger Regioun zwee Mandater sinn, déi net matenee kompatibel sinn.

D'Presidence soll vun Enseignanten, déi nach aktiv um Terrain schaffen, assuréiert ginn.

Duerch hiren alldeeglechen, prakteschen Ëmgang mat der Matière si si permanent mat de Problemer, déi sech an deem Zesummenhang stellen, konfrontéiert. Dofir kenne si **am beschten d'Besoinen an d'Usprách vun den Enseignanten an de Kanner.**

Anscheinend ass et awer esou, dass **fir de Moment d'Regionaldirekteren als «Présidents faisant fonction» genannt goufen.** D'Fro stellt sech, op net verschidde Memberen hir Kandidatur net gestallt hunn, well se eng Konfrontatioun mat engem Direktiounsmember evitéiere wollten. Den **SNE/CGFP ass der Meenung,** dass - de Fall gesat, dass d'Direktere keng Kandidatur fir dës Presidenteposten hätten däerfe stellen - **sécherlech och eng Rei kompetent Enseignante vum Terrain motivéiert gewiescht wären, sech dëser Erausfuerderung ze stellen.**

Den SNE/CGFP ass alles anescht wéi zefridde mat dëser Situatioun.

D'Direktiounsmembere sinn net onbedéngt representativ fir d'Enseignanten, déi all Dag konkret a praktesch mat de Kanner an der Schoul schaffen. Aus deem **Grond ass et an den Ae vum SNE/CGFP besser, dass d'Funktioun vum President vun de jeeweilege Kommissioune vun Enseignanten, déi nach mat béide Been an der Praxis stinn, assuméiert gëtt**. Doduerch kéint d'Plaz vun de « Leit vum Terrain » an hir Stëmm an deene Gremie gestäerkt ginn.

De Fait, dass d'«Supérieurs hiérarchiques» vun den Enseignanten, d'Direkteren also, d'Funktioun vum President iwwerhuelen, hypothekéiert an den Ae vum SNE/CGFP och en ongezwongenen an «ergebnisoffenen» Austausch tëschent de Membere vun der Kommissioun.

Den SNE/CGFP fäert, dass duerch déi ablécklech Opstellung vun den nationale Programmkommissiounen, **méi «onkonformistesch» Gedankespiller a Prozesser,** déi eventuell an deene Kommissioune kéinten – a sollten – ugestouss ginn, **vum President am Keim erstéckt kéinte ginn.**

Inakzeptabel ass et doriwwer eraus och, dass et zu Interessekonflikter an der Ausübung vum Mandat vum President vun der Programmkommissioun a vun der Funktioun vum Regionaldirekter kéint kommen.

Et kann net sinn, dass den Direkter als President vun der Programmkommissioun zu engem Projet en Avis ofgëtt, an dann duerno zu deemselwechte Projet nach eemol a senger Funktioun als Regionaldirekter eng zweete Kéier eng offiziell Stellungnam ofgëtt.

Aus deenen opgezielte Grënn fuerdert den SNE/CGFP de MENJE op, eng kloer Trennung vun der Funktioun vum Regionaldirekter an der Presidence vun den nationale Programmkommissiounen ze maachen.

De Comité central vum SNE/CGFP

BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

cgfp
Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu